N°1379
Entrée le 17.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.10.2024
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 16. Oktober 2024

Här Präsident,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden.

An engem rezente Presseartikel ass vun engem Déiereschutzfall bericht ginn, wou 401 Mierschwéngercher saiséiert goufen, well se net ënner aartgerechte Bedingunge gehale goufen. Säit der éischter Kontroll den 30. September hu missten iwwer 100 Déiere wéinst diverse Grënn (Verfettung vun den Organer oder Deformatioune vun Zänn), ageschléifert ginn. Vun verschiddenen Déiereschutzorganisatioune gouf kritiséiert, datt dës Affaire net transparent gehandhaabt gouf a keng gutt Kommunikatioun stattfonnt huet. En plus gouf vun deenen Déiereschutzorganisatiounen kritiséiert, datt ee sech hätt kenne méi Zäit loosse fir d'Ënnersichung vun den Déieren a soumat net hätt missten sou schnell esou vill Déieren euthanaséieren.

An dësem Zesummenhang wéilt ech der Madame Minister follgend Froe stellen:

1. Gouf et, ewéi et am Presseartikel ervir geet, keen offiziellt Schreiwes vun der ALVA? Wa net, wisou? Wéini gëtt ALVA en offiziell Schreiwes eraus?
2. Firwat huet d'ALVA an esou engem Fall ewéi dësen, wou ganz vill Déiere saiséiert goufen, just eng Déiereschutzorganisatioun kontaktéiert?
3. Wéi eng Déiereschutzorganisatioune si wéi oft am Joer 2022 an 2023 vun der ALVA em Hëllef gefrot gi fir Déieren opzehuelen?

Mat déiwem Respekt,

Claire Delcourt
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu